

(La séance publique est ouverte à 08.31 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Mme Sam Tanson**, Ministre | Nee, Här President.

## 2. 7575 – Proposition de révision du chapitre VI. de la Constitution

**M. Fernand Etgen**, Président | Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Moien ass d'Verfassungsofännerung 7575, déi d'Kapitel 6 iwwert d'Justiz ofännert. Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Verfassungsofännerung, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

**M. Léon Gloden** (CSV), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut a muer ass e grouse Moment hei am Haus vum éischte Pouvoir: Mir stëmmen am zweete Vott déi véier Kapitele vun der Verfassungsreform, sou wéi et am Artikel 114 vun der aktueller Verfassung virgesinn ass – tëschent dem éischten an dem zweete Vott mussen op d'mannst dräi Méint leien.

Mam zweete Vott haut vum Justizkapitel a muer vun de Kapitele vun deenen anere Kolleegen wäerten d'Renovatiounsaarbechte vum Haus Lëtzebuerg ofgeschloss ginn. En Haus, wou ee sech doheem fillt. En Haus, wou ee sech wuel fillt. En Haus, wou ee gär Leit bei sech doheem empfängt. En Haus mat der modernster Technik, wat deen neiste Bëton huet, fir déi verschidde Stäck zesummenzeschweessen.

Wéi bei engem Bau vun engem Haus ware vill Handwierker dru bedeelegt, hu matenee geschafft, fir datt de Stroum, d'Waasser, d'Energie vun ennen no uewen a vun uewen no ënnen fléisst. Fir d'éischt waren d'Chef-de-chantiers vun dëser Verfassungsreform de Paul-Henri Meyers an duerno den Alex Bodry. Haut sinn d'Chef-de-chantiers de Mars Di Bartolomeo, de Charles Margue, d'Simone Beissel an ech selwer.

Ech kommen dann nach eng Kéier kuerz op d'Justizkapitel zrëck. Am éischte Vott hu mer dëst Kapitel den 20. Oktober 2021 gestëmmt. A wéi d'Verfassung et och virgesäit, kënnen tëschent dem éischten an dem zweete Vott keng Modifikatiounen gemaach ginn, soudatt mer haut dee selwechten Text zum zweete Vott hunn.

A wéi ech déi lescht Deeg meng Ried nogelies hunn zum éischte Vott, ass mer nach eng Kéier bewosst ginn, datt mer mam Justizkapitel e grouse Schrëtt no vir gemaach hunn. Et ass déi éischte Kéier, datt an der Verfassung vun eisem Land d'Indépendance, d'Onofhängegkeet, vun der Justiz drasteet. Déi deklinéiert sech iwwer dräi Punkten. Deen éischte Punkt ass, datt déi éischte Kéier d'Notioun vum Pouvoir judiciaire tel quel am Justizkapitel steet. Den zweete Punkt ass, datt eng kloer Trennung ass tëschent op där enger Säit de Richter, déi um Fong d'Decisioun huelen, an op där anerer Säit de Membere vum Parquet. Den drëtte Punkt ass, datt ganz kloer an der Verfassung steet, datt d'Richter inamovibel sinn.

Da loosst mech och nach eng Kéier kuerz op dee Punkt vun der Onofhängegkeet vum Parquet agoen; e Punkt, deem am Kader vun de Verfassungsaarbechte vill diskutéiert ginn ass an deen och eng Evolutioun kann huet.

Mir hu finalement zrëckbehalen, datt de Parquet eng Indépendance relative huet. Dat heescht, de Parquet kennt de Prinzip vum den Opportunités vun de Poursuitten, dat heescht, et ka keen dem Parquet vorschreiwen, e soll oder soll net géint eng prezis Persoun oder Grupp vu Persounen enquêtéieren. Mee vu datt in fine de Justizminister oder d'Justizministesch politesch responsabel ass, hu mer festgehalen, datt de Justizminister e Pouvoir de direction général huet.

An ech betounen och nach eng Kéier, datt dat ganz kloer ass: Dat ass am Aklang mat den europäeschen Texten. D'Commission de Venise huet dat nach eng Kéier ennerstrach an engem vun hire Rapporten, wou se gesot hunn: „Et gëtt net eng eenzeg Solutioun fir d'Onofhängegkeet vum Parquet, mee déi ass verschidde verfaasst an deene verschiddenen europäesche Länner.“ Och de Rapport vun der Europäescher Kommissioun iwwert den État de droit hei zu Lëtzebuerg huet dat kierzlech nach eng Kéier confirméiert.

An dann déi grouss Pièce maîtresse vum Verfassungs-chapitel ass d'Kreatioun vum Conseil national de la justice, vum Nationale Justizrot, wou mer jo dann de Mëtteg och d'Gesetz hei am héijem Haus stëmmen. Et ass eng Iddi, déi och scho laang diskutéiert ginn ass an der lëtzebuerger Geselschaft. Ech wäert elo net am Detail dorobber agoen, mee dann de Mëtteg am Kader vum Projet de loi.

Dann hu mer och nach eng Kéier déi grouss Prinzipien, déi e Prozess regéieren, am Justizkapitel zesummegefaasst, besonnesch den Délai raisonnable – ech hat et deemools am Oktober gesot: en Délai raisonnable, deen de Lëtzeburger Staat och net ëmmer respektéiert huet, well et gëtt do eng Rei Condamnatiounen zu Stroossbuerg.

Da wëll ech och nach eng Kéier widderhuelen, datt d'Urteeler am Numm vum Grand-Duc exekutéiert ginn an datt mat dësem Vott a mat deem Gesetz, dat mer dann och haut stëmmen wäerten, d'Verfassungsgeriicht d'Attributioun kritt, fir eventuell Konflikter tëschent op där enger Säit de Juridictions judiciaires an op där anerer Säit de Juridictions administratives ze tranchéieren.

Här President, ech erlabe mer dann, direkt virunze-fueren als Spriecher vun der CSV.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi Rapport a ginn elo dem Fraktiounsspriecher d'Wuert.

**Une voix** | O!

### Discussion générale

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll da kuerz nach eng Kéier op déi Thematik agoen, déi ronderëm déi ganz Verfassungsdebat war, iwwert de Referendum.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Aha.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Lauschttert gutt no, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ma ganz sécher, Här Gloden. Dir mer och herno.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Et ass e Sujet, dee kontrovers diskutéiert ginn ass innerhalb vun de Parteien, ausserhalb vun de Parteien, mat der Gesellschaft zesummen, an der Chamber, an de verschiddene Kommissiounen hei. Dat ass eng Méiglechkeet, fir eng Verfassung iwwer e Referendum ofseenen ze loosser. Finalement ass déi Léisung net zrëckbehalen ginn.

An awer ass permanent Polemik doriwwer entstanden. A besonnesch d'ADR huet vu senger Méiglechkeet, wéi se virgesinn ass, Gebrauch gemaach, fir dunn eeben déi Debat ze lancéieren. A wéi se do net duerchkomm sinn, och mat der Petitioun, déi déi 25.000 Ënnerschrëften net erreicht hat – et waren der 18.645 ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Déi ass net vun eis!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Et si Membere vun Iech, ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Nee!

**M. Léon Gloden** (CSV) | ... déi se lancéiert hunn. An ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, därft ech dem Här Gloden eng Fro stellen?

**M. Léon Gloden** (CSV) | An ... Lauschttert no!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo nee, mee ech wollt Iech eng Fro stellen.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Nee, nee. Ech schwätzen ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Mee den Här Gloden huet gesot, Dir sollt him nolauschten.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

**M. Léon Gloden** (CSV) | Lauschttert no!

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Gloden huet d'Wuert. Dir hutt et gefrot an Dir hutt et nach net kritt.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

**M. Léon Gloden** (CSV) | An duerno ... An duerno ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Déi ass net vun eis, déi Petitioun, dat ware Membere vun der CSV, déi déi lancéiert hunn, net vun der ADR! Voilà!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Et waren der och ..., vun Iech ennerstëtzt ginn. An duerno hutt Der déi Prozedur declenchéiert iwwert den Député-initiateur.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Beim Justizkapitel waren et aacht Ënnerschrëften: déi vun Iech, vun de Piraten a vun déi Lénk. Finalement beim Justizkapitel si just 7.397 Ënnerschrëften zustane komm.

Beim Kapitel iwwert d'Monarchie ass de Bréif just nach vu véier Deputéierten ënnerschriwwen ginn: vun den Deputéierten vun der ADR-Fraktioun. Do ware finalement just nach 1.652 Ënnerschrëften an de Gemengen deponéiert ginn.

Beim Kapitel vun der Kolleegin Simone Beissel: erëm eng Kéier e Bréif vun der ADR, fir d'Prozedur ze declenchéieren, mat Äre véier Ënnerschrëften. An de Gemengen hu just nach 966 Leit ënnerschriwwen.

A finalement beim Kapitel Charles Margue, do war just nach eng Ënnerschrëft um Bréif. Dat heescht, den Här Kartheiser ass emol net vu sengen eegene Leit méi ennerstëtzt ginn, fir déi Prozedur ze declenchéieren.

(Interruptions)

A finalement waren et op de Gemenge 436 Ënnerschrëften.

Derbäi kënnt: An der Reglementskommissioun, wou mer eng Rei Texter ausgeschafft hunn, déi mussen a Kraaft treden no dem Vott vun der Verfassung, huet och enner anere dem ADR-Deputéierten Roy Reding déi Propositionen mat ënnerschriwwen, och mat dru geschafft, gutt mat dru geschafft. A mir haten do d'Unanimité an der Reglementskommissioun.

Duerfir, Här President, mengen ech, muss een och mat dëser Debat eng Kéier kloer soen: D'Leit

dobausse wollte finalmente net dat, wat d'ADR op populistesch Manéier declenchéiert huet, wéi se populistesch probéiert huet, e Rass an d'Gesellschaft ze bréngen. Ech ernnere just drun un déi Reunion, déi mer am Tramsschapp haten, wou mer praktesch herno missten ënner Polizeischutz erausgoen.

(Interruptions)

Ënner Polizeischutz erausgoen, Här Kartheiser, ënner Polizeischutz erausgoen!

(Interruptions)

Ech hätt ni geduecht, datt en Deputéierten aus dësem Haus misst ënner Polizeischutz aus enger ëffentlecher Reunion goen. Dir hutt de Populismus op d'Spëtzt gedriwwen an haut drot Der d'Fraisen!

Dëst gesot, soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden. An da kritt d'Wuert déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** (DP) | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, gudd Moien alleguerten. Sou wéi de Léon Gloden freeën ech mech och immens, haut virun Iech op dëser Tribün ze stoen, well et ass haut en historeschen Dag fir eis Institutionen, an net nëmmen haut, mee och muer, well mer dann endlech wäerten den zweete Vott vun de verschidene Kapitele vun der Verfassung hoffentlech iwwert d'Bün kréien.

Komme mer kuerz zum Kapitel Justiz. Fir d'éischt wëll ech natierlech dem Rapporteur Léon Gloden häerzlech Merci soe fir säin exzellente Rapport. Mee ech wëll och den anere Corapporteur Merci soen, dem Mars Di Bartolomeo an dem Charles Margue, an iwwerhaupt alleguerten de Kollege vun der Institutionskommission, well mer hunn alleguerten zesummen un dësen dach heiansdo kniwwelegeren Texter geschafft, fir en uerdentleche Schlusstext erauszekréien.

Här President, eng konstitutionell Monarchie kombinéiert mat enger parlamentarescher Demokratie kann nëmmen optimal funktionéieren, wann d'Grundprinzipie vum Rechtsstaat, an dat heescht ipso facto de Schutz vum Bierger, garantéiert sinn.

De Léon Gloden huet Iech exzellent d'Eckwäerter vun dem Kapitel Justiz virgedroen, dat mer den 20. Oktober 2021 am éischte Vott hei mat der Zweedréttel-majoritéit duerchkritt hunn. Duerfir wäert ech mech bornéieren, e puer Punkten erauszehiewen, déi mer extra um Häerz leien.

Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer och gëschter d'Diskussion hate mat dem Rapport vum Nathalie Oberweis, dass dat ganz Kapitel Justiz an iwwerhaupt eis ganz Texter vun der Verfassungsrevisioun natierlech op de groussen internationale Konventionen fousen, dat heescht d'UNO-Konventionen an haaptsächlech och d'Europäesch Mënscherechtskonvention vun 1950 an déi europäesch Charta vun de Grundrechter. An ech wëll nach eng Kéier soen: Dir kennt all den Artikel 6 vun der Konvention vun 1950. Bien entendu fousen all d'Texter, an och d'Texter vun haut, op dem Artikel 6 mam Procès équitable, mam Délai raisonnable, mat der Impartialité vun de Jugen. Doniewent fousse se op de Principe-général vum Droit communautaire direct an dérivé wéi de Principe de précaution, de Principe de proportionnalité an esou weider. Dat emol, fir Iech eng Mise au parfum ze maache vun de Preliminairé vun dësem Text.

Da kommen ech op e puer Punkten zrëck, de Léon Gloden huet se zwar scho gesot, mee et mécht richtig

Pleséier, fir se dann nach eng Kéier ze soen: Éischstens emol gëtt endlech ..., well eist ganz Land funktionéiert säit dem 19. Joerhonnert nom System vun der Séparation des pouvoirs, mee ausser de Jurisprudenzen, nottament vun de Verwaltungsgerichter, steet et awer ni offiziell am Text. Elo gëtt de Pouvoir judiciaire offiziell hei endlech consacré als éischte Punkt.

Zweete Punkt: Net nëmmen d'Indépendance vun de Magistrats du siège, dat heescht de Riichter, déi d'Urteeler schreiwen, gëtt consacré, mee endlech an no villen Diskussione gëtt dann och d'Indépendance vum Ministère public – an ech muss soen, de Léon huet dat gutt beschriwwen – no enger Lëtzeburger Formel zrëckbehalen, dat heescht eng Formel, wou sou gutt d'Leit vum Parquet wéi awer och vum Justizministère kënnen dermat liewen.

Dann, drëtter Punkt: Endlech kréie mer e Conseil national de la justice. Da setze mer eis erëm an de Peloton de tête vun de Länner ronderëm mat uerdentleche Rechtssystemer; e Conseil national de la justice, dee wierklech, wéi gesot, de ganze Justizapparat net nëmme stäerkt, mee och hir Autonomie verankert, wou se wierklech kënnen selwer déi wichteg Decisiounen fir hire ganzen Apparat huelen.

Dann, et ass och scho gesot ginn, Statut de la magistrature. Lauter Gesetzer, déi mer haut wäerte stëmmen an déi ganz wichteg sinn.

D'Verfassungsgericht: Dir wësst, mir waren do net am Peloton de tête, mee mir waren déi Allerlescht, wéi mer 1997 endlech e Verfassungsgericht kritt hunn, well virdrun hei an deem héijen Haus siwemol d'Verfassung esou violéiert ginn ass, dass all Jurist hei zu Lëtzebuerg Kreesch gedoen huet a gesot huet: „Wa mer net geschwënn e Verfassungsgericht kréien, da sti mer international net méi do wéi en uerdentleche Rechtssystem!“

Si sinn do agesat ginn. Am Ufank war vergiess ginn – an dat ass awer elo alles nogebessert ginn –, fir niewent de Membres effectifs och Membre-suppléanten anzesetzen. A mir hate jo leschte Kéier virun zwee Joer e Knackpunkt, wou op eemol d'Verfassungsgericht net méi konnt tagen, well se net méi en nombre waren. Elo hu mer néng effektiv Riichter, siwe Suppléanten. Mee doniewent ass eppes ganz Wichtige geschitt: D'Verfassungsgericht war ëmmer frustréiert. Si hunn Arrête geholl an da sinn déi u sech Lettre morte bliwwen, well se net suivi d'effet waren. Elo an dësem Text duerch e reelle Paradigmewissel kritt d'Verfassungsgericht d'Recht, fir an engem kuerzen Delai, wou si awer kënnen appreciieren, wéi wichteg et ass, dass dat geschitt, hir Arrête mat Effet an d'Realitéit ëmzesetzen.

Also, ech maachen nach eng Kéier de Fazit: An der Verfassung ass elo de ganze Justizapparat duerch de Fait, dass och déi nei Organer kreéiert gi sinn, ganz vill gestärkt. Et gëtt vill méi kloer, et gëtt méi transparent, et gëtt méi visibel a méi lisibel. An dat bedeit automatesch e bessere Schutz fir eis Bierger, well dat muss awer och d'Zil vun all guddem Rechtssystem a vun all guddem Rechtsstaat sinn.

Dat ganz Kapitel ass eng Plus-value fir eis Justiz. Wéi gesot, nach eng Kéier: Mir kënnen elo behaupten, dass mer och international erëm rechtssystemméisseg am Peloton de tête sinn. An dofir bréngen ech mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Text.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Beissel. An nächsten ageschriwwene Riedner

ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Här President, Kolleginnen a Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, ech suivéieren zënter bal zwee Drëttel vu mengem Liewen eis Politik an ech hu vill materliert a mat därege gestalten a grad dofir sinn déi definitiv Ofstëmmungen iwwer eis Verfassungsrevisiounen, déi fir haut a muer programmiert sinn, fir mech eppes ganz Aussergewöhnlech, dat mat villen Emotiounen verbonnen ass.

Dat ass net verwonnerlech, well et Verfassungsrevisiounen an deem Ausmooss an deene leschten 150 respektiv 175 Joer nach net ginn ass. No bal 20 Joer Aarbecht bréngen mer déi Revisiounen an den Hafen. Dobäi vergiesse mer déi exzellente Aarbecht vun eise Virgänger an déi konstruktiv Zesummenaarbecht op der leschter Ligne droite net!

E grouse Merci an och Respekt un eis Virgänger un der Spëtzt vun der Institutionskommission, de Paul-Henri Meyers an den Alex Bodry, an all eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi mat vill Kompetenz der Institutionskommission zur Säit stoungen.

Haut steet also dat éischt vu véier Kapiteln, dat der Justiz gewidmet ass, zum Vott. De Rapporteur Léon Gloden, deem ech villmools Merci soen, net nëmme fir säi Rapport, mee och fir déi kompetent Zesummenaarbecht an der Kommission, huet déi wichteg Neierunge kuerz virgestallt. Sou gëtt d'Onofhängegkeet vun der Justiz eng éischte Kéier an der Verfassung betonéiert. De Conseil national de la justice, den neien Artikel 90 (veuillez lire: den neien Artikel 107), soll iwwert e gudder Fonctionnement vun der Justiz waachen, fir dass d'Justiz optimal ka funktionéieren. D'Garantië fir d'Leit virun der Justiz, d'Présomption d'innocence, d'Onscholdsvermuddung, gëtt eng éischte Kéier festgehalen souwéi och d'Anhale vu vernünftigen Delaien.

Et ass een also sou laang onschëlleg – dat schéngt eng Evidenz sinn, mee et ass besser, wann et an enger Verfassung och esou steet –, bis ee schëlleg gesprach ginn ass. An duerch rasonabel Delaie soll verhénnert ginn, datt e Mënsch virun der Justiz während Joren op en Urteel muss waarden, wat leider an der Vergaangenheet och allze oft virkomm ass.

Et gouf vill a kontrovers iwwert dëst Kapitel diskutéiert an am Endeffekt hu mer eis op gutt Kompromësser konnt eenegen, mat guddem Wëlle vun alle Säiten.

Mir hunn et och fäerdegbruecht, d'Gesetzer iwwert de Conseil national de la justice an de Statut vun de Riichter, wat wichteg Elementer sinn, déi an der Verfassung virgesi sinn, gläichzäiteg an dësem Haus mat dem Kapitel iwwert d'Justiz virzeleeën, wat essential war, soudass mer dat och gläichzäiteg mat der Akraaftsetzung vun der Verfassung kënnen an d'Realitéit ëmsetzen. Dofir all deenen, déi dat erméiglecht hunn, well dat war net esou evident, de Mataarbechter a Mataarbechterinnen an dem Justizministère, de Leit aus der Justiz an dem Conseil d'Etat, net ze vergiessen, en häerzleche Merci. Heiansdo huet et geklemmt, mee am Endeffekt, mat e bëssen Ueleg, ass et gaang!

An da kommen ech schonn zur Konklusioun, well de Léon Gloden déi Haaptelementer nach eng Kéier méi detailléiert virgestallt huet wéi ech. Meng Fraktioun, d'LSAP, wäert dat neit Justizkapitel mat grousser Iwwerzeugung fir d'zweet stëmmen, well et e grouse Schrëtt no vir ass. A wéi wichteg d'Onofhängegkeet vun der Justiz ass, gesäit een a Länner, wou Politiker Riichter spillen an de Rechtsstaat mat Féiss trëppelen.

Ech soen Iech, Här President, Merci an e Merci och fir dee konstruktive Geescht an der Institutionenkommission, deen eis et erlaabt huet, endlech, endlech un d'Zil ze kommen! An ech mengen, jiddwereen, dee matgeholf huet, och deen, deen am Endeffekt dergéint wäert stëmmen, krut d'Geleeënheet, an der Institutionenkommission matzediskutieren. An ech mengen, sou soll dat och sinn!

An ech ënnersträichen et nach eng Kéier: Wa mir ausenanerlaffe bei enger Verfassungsdiskussion, wa mir een deem anere Procès d'intention maachen, déi duerch näischt ze beleë sinn, da leie mer falsch! Well eng Verfassung soll d'Leit zesummebréngen an net ausenanerdividieren!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Très bien!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | An deem Sënn soen ech Iech alleguer Merci. An et war mer eng Freed an eng Eier, fir d'äerfen un deem Wierk hei matzeschaffen!

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass e Marathon haut, awer e gudder Marathon, an ech mengen, mir kommen och un. Et ass e Marathon, wou eis Justiz op méi stabill Féiss gestallt gëtt, wou de Rechtsstaat zu Lëtzebuerg wierklech gestärkt gëtt. Mat dem zweeten an definitive Verfassungsvott, meng Virriedner hunn et gesot, iwwert d'Justizwiesen a mat de Gesetzer iwwert den nationale Justizrot an iwwert d'Referendairen an, an, an wäerte mer wierklech dee Rechtsstaat zementieren.

De Rapporteur Léon Gloden huet nach eng Kéier d'Wichtigkeet an déi weesentlech Punkte vun dëser Proposition de révision ervirgehuewen. Merci, Léon Gloden, fir dëse mëndleche Rapport vun haut.

Dës Woch schlësse mer d'Reform vun der Verfassung of, et ass schonn gesot ginn, e Chantier, dee virun iwwer 20 Joer ugéfaangen huet, wou mer ab 2009 fir d'éischt op enger globaler Proposition de révision fir eis Verfassung geschafft hunn, wou mer 2015 e Referendum gemaach hunn, fir eng Decisioun zu dräi verfassungsrelevante Froen ze kréien, a wou mer nach no e puer zimlech schmäärzhaft Kolliken am Joer 2018 eis Revisiounsaarbechte schlussendlech a véier getrennten, méi komplementären Deeler bis op d'Zillinn bréngen a bruecht hunn.

An deem Sënn kann een haut, um Moment vum zweete verfassungsrechtliche Vott, erlichtert soen: endlech! Mam Vott vun haut ass den éischten Textblock, deen zur Justiz, iwwert d'Zillinn. Dat ass eng gutt Saach, e wichtige Moment fir all eis Institutionen!

Fir eis Gréng ass et wichtig ze ënnersträichen, datt d'Verfassung dat Gesetz ass, dat op Dauer derzou féiert, Fräiheet, Gläichheet, Sécherheet an Zesummenhalt fir eis Gesellschaft a fir eist Land ze garantieren. Si verbënnt deemno d'Grondreegele vum demokrateschen Zesummeliewen a vum gudder Liewen allgemeng.

Fir eis Gréng, déi jo an der Regierung Verantwortung droe fir d'Justiz, ass et deemno méi wéi iwwerfällg, dass d'Justiz och elo, nieft Regierung a Parlament, als eegene Pouvoir, als Pouvoir judiciaire, verfassungsrechtlich verankert gëtt.

D'Onofhängegkeet vum Parquet consacrée mer. Mir verbidden eis all Form vun direktem politeschem Afloss a mir schafen den nationale Justizrot, deen ech Iech haut och nach am Rapport 7323A virstellen. Awer wichteg Punkte si scho gesot ginn, ech widderhuelen, dat sinn déi vum Délai raisonnable a vun der Présomption d'innocence, der Onscholdsvermutung.

Et geet ëm soss näischt wéi d'Vetrauen an d'Justiz. Vertrauen an d'Justiz ass fundamental fir all Gesellschaft. D'Vetrauen an d'Justiz weider ze stäerken, ass eist Zil, andeems mer der Justiz haut d'Mëttele vun hirer Onofhängegkeet ginn. Esou kënnen d'Leit hei am Land Recht kréien, esou kënnen se zu hirem Recht kommen.

Ech soen elo Merci fir d'Nolauschteren a ginn, wéi gesot, mat Erliichterung, mat Freed den Accord vun der grénger Fraktioun fir dësen éischte Revisiounsblock, deen, zesumme mat den dräi anere Bléck, eis Verfassung endlech vum 19. Joerhonnert an dat 21. erabréngt.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Margue. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och, fir unzefänken, dem Här Gloden Merci fir seng Introduction, déi mech awer inhaltlech enttäuscht huet. Et ass schonn esou, datt ee verschidde Rendezvous an der Geschicht net sollt verpassen.

Ech mengen, Här Gloden, Dir hutt haut e Rendez-vous verpasst! Et ass wierklech eng wichteg Stonn fir eist Parlament, well mer jo haut en zweete Vote constitutionnel huelen, mee et ass keng Stärstonn fir d'Politik. Well d'Politik hat eppes anescht gemaach. Mir haten e Walversprieche vu véier Parteie fir de Referendum, dat ass net agehale ginn. An dat ass eigentlech dat, wat schued ass! Mir hätten haut den zweete Vott iwwerhaupt net sollen an eisen Aen hei am Parlament huelen, mee mir hätten de Bierger sollen d'Méiglechkeet ginn, iwwer e Referendum iwwert deen Text ze decidieren!

Elo gëtt hei diskutiert, mir wäer poleemesch oder populistesch gewiescht, dat ware mer zu kengem Abléck! Mir hunn einfach all déi verfassungsrechtlich Mëttele geholl, déi mer haten, fir de Leit ze erméiglechen, dat ze maachen, wat hiert Recht ass, nämlech, e Referendum ze huelen.

An ...

*(Interruption par Mme Martine Hansen)*

Dir hutt Recht, Madamm Hansen, Dir hutt Recht! Ech mengen, ech gesinn dat och esou.

Also, de Punkt ass elo einfach deen heiten: Den Här Gloden huet sech vill Méi gi fir opzezielen, wéi vill Leit wéini ënnerschriwwen hunn. Jo, d'Leit woussten zu engem bestëmmten Zäitpunkt, datt et kee Wäert hat, datt den Drock ze vill grouss ass an datt et niemoos zu där Majoritéit géif kommen oder zu deene 25.000 Ënnerschrëften, déi gebraucht gi sinn. An awer: wat fir eng Enttäuschung!

Et war net e Member vun der ADR, Här Gloden, contrairement zu deem, wat Dir gesot hutt, deen déi Petitioun do lanciert hat, et war e Member vun der CSV. Richteg, d'ADR huet en ënnerstëtzt. D'CSV, seng eege Partei, huet en net ënnerstëtzt, fir e Referendum ze kréien. Iwwer 18.000 Ënnerschrëften a kuerzer Zäit – et war d'CSV, déi dat zu engem Gradmesser deklaréiert huet, ob se hir Positioun géif änneren oder net. Et war net

d'ADR. D'Positioun vun der ADR war vun Ufank un, an ëmmer, kloer!

Dir hutt och deen Episod am Tramsschapp ernimmt. Ech wëll Iech just soen: Am Tramsschapp, do hunn e puer Leit vun eis virun der Dier friddlech demonstréiert. Am Sall war allerdéngs eng ganz, ganz grouss Zuel vu Leit, déi einfach aus verschiddene Grënn do hir Onzeffriddenheet gewisen hunn. Dat war net vun der ADR organiséiert.

*(Brouhaha)*

Mir hunn dat esou gesi wéi Dir a materlieft, wéi Dir et materlieft hutt. Wann Dir mengt, datt Der ënner Polizeischutz ... Ech mengen, dat ass eng total Iwwerdreiwung, et ass keen do ugegraff ginn, souwäit ech weess!

*(Brouhaha)*

Et ass keen, souwäit ech weess op jiddwer Fall, keen, ugegraff ginn – ausser verbal. Mee dat muss een als Politiker aushalen!

*(Brouhaha)*

Sou. Elo wëll ech awer nach kuerz op den Inhalt vun deem Verfassungskapitel agoen. Mir hu leider e puer Minutte just, mee dat wëll ech awer och maachen.

Et sinn effektiv an dësem Verfassungskapitel, wéi och an deenen dräi aneren, eng Rei vu gudder Punkten, déi mir als ADR och matdroen. Ech wëll dat ganz daitlech soen!

Ech wëll och daitlech soen, well virdrun den Här Reding genannt ginn ass, datt et fir eis eng demokratesch Selbstverständlechkeet ass, wa mer gesinn, datt en Text adaptéiert gëtt an adoptéiert vun dësem Haus, datt mer da selbstverständlech eise politesche Rôle erfëllen an och kucken, datt déi reglementaresch Dispositiounen esou ugepasst ginn, datt déi nei Texter kënnen fonctionieren. Dat huet näischt mat enger anerer Positioun vum Här Reding ze dinn, dat huet einfach domadder ze dinn, datt mer dat demokratesch Spill respektieren an et matmaachen!

Mee et sinn awer vill Enttäuschungen an deem Text an et ass schonn e Kapitel vun de verpasste Chancen. An dofir droe mir et och net mat! Well et sinn e puer ganz wichteg Punkten, déi an eisen Aen hätte missen ugepasst ginn.

Gëschter hate mer scho geschwat iwwert den Zougang vun de Bierger zum Verfassungsgericht. An anere Länner ass dat méiglech, hei net. Firwat?

Déi Lénk hate wéinstens de Courage, dat an hirer Proposition gëschter och ze proposieren. Mir droen dat als ADR vollkomm mat. Mir sinn och der Meinung, datt de Bierger soll d'Recht hunn, en Zougang zum Verfassungsgericht ze kréien, wéi och d'Institutione vum Land, wéi och, zum Beispill, eng Regierung, déi kéint a priori, ier se e Projet de loi mécht, bei d'Verfassungsgericht goen, oder och eng gewëssen Zuel vu Membere vum Staatsrot oder och dëst Parlament. Mir wäer fir praktesch Dispositiounen op, awer de Prinzip, fir d'Verfassungsméissegkeet vun de Gesetzer méi ëmfassend kënnen ze kontrollieren, d'Institutione wéi d'Bierger, dat ass e Prinzip, deen hätt missen hei erakommen. En ass leider net dran.

Eng zweet Saach, déi eis ganz staark um Häerz läit, dat ass d'Trennung vum Parquet, also der Magistrature debout vun der Magistrature assise. Dat ass hei net esou gemaach ginn, wéi mir eis et virstellen. An eisen Aen ass et wichtig, den Accusateur vum Riichter vill méi ze trennen. Ass et dann normal, an den Aen hei vun der Majoritéit, déi elo dat hei stëmmt, datt, wann ee viru Gericht steet, de Parquet niewent dem Riichter sëtzt, op där selwechter Héicht, wäit

uewen, an den Affekot an den Ugeklote setzen ënnen? Wat ass dat fir eng Presentatioun vun der Justiz?

Deen, deem dech uklot, setzt uewen niewent dem Riichter an deem, dech verdeedegt, setzt ënne bei dir, dat ass dach eppes, wat net sollt sinn! Mir sollte kucken, datt net nëmmen an der Organisatioun vun der Justiz, an der Struktur vun der Justiz do vill méi eng kloer Trennung ass, mee och optesch, datt ee wierklech gesäit, datt eigentlech deem, deem uklot, déi selwecht Rechter an déi selwecht Méiglechkeeten huet wéi deem, dee verdeedegt. Dat ass eng aner Perception vum Rechtsstaat, eng, déi an eisen Ae wierklech iwwerfälleng ass, fir dat ze realiséieren. An dee Schrëtt sollte mer goen.

Just nach e lescht Wuert, well ech gesinn, d'Zäit leeft; et ass hei och gesot ginn an do si Leit houfreg drop, déi sech nach gëschter iwwert d'Monarchie beluewegt hunn: Eiser Meenung no ass et iwwerhaupt kee Problem fir d'Justiz, och am Numm vum Grand-Duc ze schwätzen, am Numm vum Staatschef, dat ass iwwerhaupt kee Problem! Dat heescht jo net, datt de Staatschef d'Urteeler fält – d'Onofhängegkeet vun der Justiz ass absolutt garantéiert! –, mee datt awer en Urteel am Numm vum Grand-Duc geschwat gëtt; exekutéiert, mee och geschwat, stellt an eisen Aen net dee geréngste Problem duer!

Et ass just ee Beispill ënner ganz villen, wéi duerch dës nei Verfassungstexter Prerogativ vum der Monarchie, vum Grand-Duc, ageschränkt ginn. Dat ass e Wee, an ech wëll dat kloer soen, deem net dee vun der ADR ass! Et ass elo, datt d'Monarchie, ënnert dem Virwand, se ze moderniséieren, ëmmer méi ausgehelegt gëtt. Dat ass net eise Wee!

Ma d'Konklusioun wäert Iech net wonneren. Nach eng Kéier: Mir bekennen eis kloer zum Referendum. Mir sinn net dermat d'Accord mat deem, wat hei geschitt ass, datt véier Parteien hir Walversprieche gebrach hunn. An et soll een dat och net schéischwätzen!

A wat den Inhalt ugeet vun dësem Kapitel, soe mir: Et ass leider e Kapitel vun de verpasste Chancen!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un der Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Här President, ech hunn näischt méi heizou ze soen. Merci villmools.

**M. Fernand Etgen**, Président | De leschten ageschriwwene Riedner ass dann den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt zum Referendum, dee jo net stattfënnt, dofir stëmme mer haut da fir d'zweete Kéier. Mir hu bei dem éischte Kapitel, dat en éischte Vott krut, matënnerschriwwen fir de Referendum an der Hoffnung, datt d'CSV hiert Versprieche fir e Referendum géif halen. Mir kënnen nämlech och rechnen a mir wëssen, datt et oui d'CSV net duergaange wär, zumindest net ouni verschidden Deputéierter vun der CSV, mee dont acte: D'CSV huet sech entscheet, dat ouni Referendum ze maachen. Dat ass hire Prerogativ. Ech fannen dat net gutt. Mee dat entbënt eis als Parlament net vun eiser Responsabilitéit. A genau dofir mussen mir elo als Parlament dann och déi zweet Votte maachen.

An nem éischten Echec vun der Demande vun engem Referendum wier et an eisen Aen och net méi responsabel gewiescht, fir nach eng Kéier bei deenen nächsten Tentativen ze ënnerstëtzen, well et e Risiko vun engem richtege Patchworktext an der Verfassung gi

wier an et deementspriedend fir eis kloer war, datt dee Moment d'Chamber priméiere muss.

Zum Fong vun dësem Text: Et gëtt vill ze soen an et gouf villen vun de Kolleeginnen a Kolleegen elo grad gesot. Fir eis ass ee Punkt, dee wierklech erausstécht, an dat ass d'Verfassungsgeriicht. D'Verfassungsgeriicht méi grouss ze maachen, ze erweideren, an deem Sënn hinne och d'Kompetenzen ze ginn, ass fir eis als Éischt emol eng gutt Saach. Mee mir hätten eis awer gewënscht, datt no däitschem Virbild och fir Biergerinnen a Bierger eng direkt Pist zum Verfassungsgeriicht méiglech gewiescht wier.

Mir hätten eis et och gewënscht, datt d'Verfassungsgeriicht an Organkloeverfahren zoustänneg gewiescht wär, wann Institutiounen eben net méi matenee kënnen. Elo tranchéiert d'Verfassungsgeriicht, wann et zwëschent de Geriichter Kompetenzfroe gëtt, awer net, wann zum Beispill en Deputéierter mat der Chamber oder eng Chamber mat enger Regierung oder Administratioun mat anere staatlechen Institutiounen Sträit hunn.

Dat ass iwwregens e Verfahren, dat an Däitschland zu enger Stärkung vum Parlamentarismus gefouert huet, well et eebe grad meeschtens d'Deputéiert waren, déi profitéiert hu vun Organkloeverfahren.

Mat deem Bemoll kënne mer awer liewen, well et geet e grouss Schrëtt no vir. Net esou wäit, wéi mir eis et gewënscht hätten, mee et geet e grouss Schrëtt no vir, léif Kolleeginnen a Kolleegen. An dofir kann ech dann och fir all de Rescht aus där heiter Proposition, fir d'Verfassung ofzënnere, an déi mer jo och bei der éischter Kéier scho matgestëmmt hunn, och eng zweete Kéier eis Zoustëmmung als Piraten bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

#### Prise de position du Gouvernement

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President, merci Iech alleguerten. Et ass vu ville Riedner gesot ginn: Et ass en extreem wichtegen Dag haut fir eis Institutiounen, haut a muer d'ailleurs och. An ech fannen et natierlech extreem gutt, dass mer endlech déi Onofhängegkeet vun der Justiz an eiser Verfassung verankert hunn, eng Onofhängegkeet, déi schonn eng länger Zäit gelieft gëtt, wou eis awer Beispiller ëmmer erëm an eisen europäeschen, net an Nopeschlänner, mee an europäesche Länner, och weisen, dass et extreem wichteg ass, dass et eng konstitutionell Verankerung gëtt fir déi Onofhängegkeet an dass dat net en Acquis ass an dass mer am Alldag mussen dorunner schaffen.

Mir hate laang Diskussiounen iwwert dee Kompromëss, dee schlussendlech dobäi erauskomm ass. et ass scho vu ville Virriedner gesot ginn, dass dat e Kompromëss ass, mat deem schlussendlech jiddweree ka liewen, wat elo d'Roll vum Parquet ubelaangt.

A fir de Rescht vun den Texter wäerte mer jo haut nach d'Geleeënheet hunn, am Detail doriwwer ze schwätzen. Dofir Iech e grouss Bravo fir Är Aarbecht. An ech freeë mech op d'Diskussiounen dee ganzen Dag iwwer.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum zweete Vote constitutionnel iwwert d'Verfassungsofännung 7575. Den Text steet am Document parlementaire 7575<sup>20</sup>. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

#### Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution 7575

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition ass mat 48 Jo-Stëmme bei 3 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, MM. Dan Kersch et Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Et ass also esou decidéiert.

#### 3. 7863A – Projet de loi sur les référendaires de justice et portant modification de :

**1° la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;**

**2° la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;**

**3° la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;**

**4° la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle ;**

**5° la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice ;**

**6° la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise**

Den zweete Punkt um Ordre du jour vun haut de Moien ass de Projet de loi 7863A iwwert d'Kreatioun vum legale Kader vum Gerichtsreferendaire. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gloden, den Här Guy Arendt, den Här Dan Biancalana, den Här Roy Reding, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo den honorabele Rapporteur vun dësem Projet de loi, den Här Charles Margue.

#### Rapport de la Commission de la Justice

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert dat nach e puermol haut soen: Mir stärke mat dësem Gesetzesprojet eise Justizapparat an eis Justiz substanzieell! Ech fänke mat zwou Zuelen un: 46 Référendaires de justice, 40 Poste fir de Judiciaire an – déi